N° 4602
Reçue le 02.07.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.07.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2021

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chamberreglement et virgesäit, wéilte mir eng dringend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen a Bezuch op déi rezent Neiinfektiounen mam Sars-CoV-2.

Vis-à-vis vun de Journaliste vun RTL seet de Gesondheetsdirekter, dass hien hei ee Lien mat Nationalfeierdag gesäit. Ënnert de positiv geteste Leit wieren haptsächlech Jonker, déi nach net geimpft wieren.

Hie betount weider:

"*Do wou bëssen de Problem ass, ass bei deene Leit, déi nach net geimpft sinn an déi am Prinzip misste getest gi fir eng ganz Rei Situatiounen. De System CovidCheck ass u sech gutt, mee et muss een en natierlech konsequent applizéieren.*"

D'Organisateuren hätten hei eng grouss Responsabilitéit.

Duerfir wéilte mir folgend Froen un d'Madamm Ministesch riichten:

- Zanter dem Akrafttrieden vum leschten Covid-Gesetz, wéi vill Etablissementer, déi ee Public empfänken, wéi vill Organisateure vu Manifestatiounen oder Evenementer hunn de Regimm Covid check beim Santésdirekter ugemellt, a wéi engem Beräich (Fester, Sport, Musék etc) a fir wéi eng Dauer?

- Béi wéi vill vun deenen Evenementer / Manifestatiounen konnt entretemps min. ee Cluster nogewise ginn? Wéi vill Etablissementer sinn dovunner betraff? Kann d'Madamm Ministesch d'Land-Informatioune (Artikel vum Pierre Sorlut vum 2.7.2021) bestätegen, dass um Virowend vun Nationalfeierdag sech ee Minister an engem Horeca-Etablissement ugestach huet an dat trotz Covid check?

- Wéi vill Leit konnten deene jeweilege Clusteren zougeuerdent ginn? Bei wéi vill vun deenen Evenementer waren tëscht 10 a 50, tëscht 50 an 300 Leit, méi wéi 300 Leit gemellt?

- Goufen a verschiddenen Etablissementer iwwer déi lescht Wochen öfters Clusteren festgestallt ? Goufen an deem Kontext Gesetzeswiddregkeete festgestallt a wa jo, wéi vill Amenden goufen an deem Kontext gesprach? Koum et eventuell schonn zu administrative Fermeturen vu sou Etablissementer?

  - Wéi vill Kontrollen op de Respekt vun de CovidCkeck Mossnamen sinn déi lescht Wochen duerchgefouert ginn a wat waren d'Resultater dovunner?

- Ass et méiglech, opgrond vun den Informatiounen iwwer déi d'Regierung verfügt, den Ausbroch vu Clusteren gewëssenen Wochendeeg zouzeuerdnen? Op wéi eng Daten baséiert sech de Gesondheetsdirekter wann hien e Lien tëscht der neier Infektiounslaag an Nationalfeierdag?

- Wéi eng Erkenntnisser zitt d'Regierung doraus?

Mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| Gilles Roth<br>Deputéierten | Laurent Mosar<br>Deputéierten |

N° 4602
Reçue le 06.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 juillet 2021

**Réf. :** 838x4eee0

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 4602 du 2 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure et de la soussignée à la question parlementaire urgente n°4602 du 2 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar concernant les Nouvelles infections à la Covid-19.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

137-000010-20040525-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de la Sécurité Intérieure à la question parlementaire urgente n°4602 du 2 juillet 2021 de Monsieur le Député Gilles Roth et de Monsieur le Député Laurent Mosar concernant les Nouvelles infections à la Covid-19**

Zwëschent dem 14. Juni an dem 4. Juli krut d' Direktioun vun der Santé 782 Notifikatiounen fir de Regime Covid-Check. 49% hunn Fester betraff, 10% Concerten, 10% aner kulturell Evenementer, 10% sportlech Evenementer, 15% offiziell oder administrativ Evenementer (z.B. Receptiounen fir Nationalfeierdag), a 6% den Secteur HORECA. 30,2% hunn Evenementer ënnert 50 Leit betraff, 25,8% 51-10 Leit, 10,8% 101-150 Leit, 10,8% 151-200 Leit, 2,5% 201-250 Leit, 15,4% 251-300 Leit, an nëmmen 4,4% iwwert 300 Leit, d.h. mat Besoin fir e Concept sanitaire eran zereechen. D' duerchschnëttlech Dauer vun den Evenementer loung bei de Fester bei 6 Stonnen, bei de Concerten bei 3 Stonnen, beim Sport bei 6 Stonnen, bei offiziellen oder administrativen Evenementer bei 3 Stonnen, bei aneren kulturellen Evenementer bei 5 Stonnen, an beim HORECA bei 3 Stonnen (mee dann oft "à répétition").

Laut Stand vum 5. Juli hu mer 307 Fäll bei Leit déi beim Appel vum Contact Tracing gesot hunn, si wieren an der Stad Lëtzebuerg owes erausgaangen den 22 Juni oder no deem Datum. Ee groussen Deel vun dëse Leit mengen si hätten sech do ugestach, entweder well vill Kolleg(inn)en mat deene se do waren och positiv getest gi sinn, respektiv well si empfont hunn dat vill Leit op enke Raum dobaussen zesumme waren, wéineg Masken un haten, keng Distanzen respektéiert goufen oder dat d'Covidcheckregelen an Etablissementer net respektéiert goufen. Déi meescht soen awer si wëssen net genau wou a wéini si sech ugestach hunn.

Vun deene 307 Fäll hunn der 245 op mannst een vun 29 Etablissement an der Stad ernimmt. Dräi Etablissementer stiechen eraus a goufen am ganzen 63, 41 an 32-mol ernimmt. Vill Leit hunn och méi wéi een Etablissement ernimmt.

Am ganze soten 205 Leit si wieren den 22. Juni um Virowend vun Nationalfeierdag an der Stad gewiescht, an hunn dobäi Restauranten, Baren, ëffentlech Plazen oder e Park besicht. Et handelt sech hei virun allem em jonk Erwuessener tëschent 18 an 40 Joer. Den Duerchschnëttsalter vu deene Fäll leit bei 26 Joer.

De Contact Tracing gëtt – och bei engem Minister – vun der zoustänneger Administratioun (d.h. der Direktioun vun der Santé) gemaach. Dobäi ginn eventuell Sourcen vun Infektiounen festgestallt, doduerch dass d'Leit gefrot ginn wou si waren an der Zäit vun der eventueller Ustiechung. Dës Donnéeën bleiwen strikt um Niveau vun der Direktioun vun der Santé a ginn aus Grënn vum „Secret médical" a vum Datenschutz dem Gesondheetsminister net matgedeelt, ausser a Form vun aggreéierten Statistiken.

21 Etablissementer an der Stad goufen méi wéi eng Kéier ernimmt. Richteg Clusteren mat vill Fäll goufen et wéi gesot an 3 Etablissementer. Dobäi hat de gréissten Cluster 63 Infektiounen, dovunner waren 37 Leit den 22. Juni an dem Etablissement, an 26 no dësem Datum.
Eis leien weider keng Cluster vir aus anere Gemengen.

Zenter dem 14. Juni 2021 huet d'Police am ganzen 168 Kontrollen am Kader vun deene Spezialmesuren ausgefouert.
Et goufen bei 57 Etablissementer an Evenementer Kontrollen e.a. am COVIDCheck-Kontext säitens der Police duerchgefouert.
Et sinn eng 6 Avertissements taxés/Convocatiounen dobäi ausgestallt ginn.
Gréisser Problemer si bei deene Stéchprouwe keng festgestallt ginn, dowéinst ass et och net zum Erstelle vu Rapporten komm.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Souwäit méiglech probéiert den Contact Tracing d'Source an de Moment vum dem Infektiounen festzestellen. Op Grond vun dësen Informatiounen déi duerch déi infizéiert Leit deklaréiert goufen, kann ee feststellen dass vill Infektiounen wahrscheinlech op den Virowend vun Nationalfeierdag zréckginn. Eng Rei aner Infektiounen ginn och op de Weekend dono zréck. Et ass och ze bemierken dass eng Rei Infektiounen an dësen Clusteren mat der Variant gamma (fréier och P1, oder brasilianesch Variant) geschitt sinn, déi soss éischter seelen hei zu Lëtzebuerg ass, wat dann och erlaabt den Zesummenhang zwëschen den eenzelen Infektiounen och op molekular-virologëschem Niveau ze dokumentéieren. De Sequençage vun all den disponibelen Virusisolater, an d'phylogenesch Analys ass awer nach net komplett ofgeschloss. Och wann e groussen Deel vun de Leit soen si wieren e spezifeschen Dag eraus gewiescht (22. Juni), ginn et awer och eng Unzuel vu Jonken, déi ee puer Deeg hannereneen „um Tour" waren a wou et manner kloer ass, wéini genau a wou si sech kënnen ugestach hunn.

D' Regierung ass sech dem Risiko vun enger neier Reprise vun den Infektiounen bewosst, mat enger 7-Deeg-Inzidenz déi elo op ronn 125 geklommen ass (Valeur vum 5. Juli), mat enger Prädominanz vun de Jonken. Doropshin sinn eng Rei Direktmesuren getraff ginn:

a. de Gesondheetsministär huet de Numm vun den Etablissementer déi vu Clusteren betraff sinn, esouwéi d'Nimm vun enger Rei Etablissementer déi anscheinend d'Covid-Check Mesuren net respektéieren no Aussoen vun Clienten, weider un d' Polizei ginn mat der Demande an Zukunft verstäerkt Kontrollen ze maachen. An deenen betraffenen Etablissementer goufen och 12 Employéen positiv getest an natierlech direkt an Isolement gesat, esou wei hir enk Kontakter a Quarantän.

b. de Comité de Pilotage vum Large Scale Testing huet décidéiert iwwert déi nächst 14 Deeg systematesch all Leit an der Alterstranche vun 15 bis 40 Joer z'invitéieren fir ee PCR-Test. Et ass en fait dës Altersgrupp déi den Gros vun den Infektiounen aktuell opweist.

Des Weideren wäert d'Regierung och den Erkenntnisser aus deser Situatioun Rechnung droen an der Preparatioun vum Avant-projet de loi fir d'Verlängerung vum Covid-Gesetz.